ACEL

de Studentevertrieder








# DE STUDENTEGUIDE








Op der sich no enger

# AARBECHT

oder engem

# STAGE?



# Job Portal

...

op
jobs.acel.lu

ACEL
de Studentevertrieder

# Virwuert vun der ACEL



Aurélie Nascimento
Vicepresidentin Info



Christelle May
Comitésmember



Geraldine Rissé
Comitésmember

Léif Studenten,

D'ACEL ass houfreg, hir éischt Versioun vum "De Studenteguide" ze presentéieren. An dëser Broschür fannt dir eng Rei Informatiounen, déi iech wärend ärem Studium kënnen nëtzlech sinn. D'Zil vun dësem Guide ass et nämlech, iech ären Alldag als Student ze erliichteren an iech sou vill Froe wéi méiglech zu de Besonneschkeeten an néng verschidde Länner ze beäntweren. Vun der Wunnengssich bis zum Schluss vun ärem Studium steet de Studenteguide iech zur Säit.

Dir wësst net genau, wéi dat a Frankräich mat der Taxe d'habitation gereegelt ass oder wat et mat der GIS an Éisträich op sech huet? Wat musst dir fir är Wunnengssich wëssen a wéi kënnt dir äert Studium finanzéieren? Dës a vill aner Froe kritt dir an dësem Guide beäntwert.

D'ACEL seet all hire Membercerclen an deene verschiddenen Institutiounen, déi dës éischt Editioun erméiglecht hunn, villmools Merci.

Mir hoffen, dass dëse Guide iech während ärer Studienzäit weiderhëlleft a wënschen iech vill Erfolleg a virum allem vill Spaass an dëser ganz besonnescher Zäit.

# Impressum

ACEL
de Studentevertrieder

| | |
|---|---|
| **Editeur** | Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL)<br><br>2, avenue de l'Université<br>L-4365 Esch-sur-Alzette<br><br>Tél.: 20 60 84 84<br>E-mail: contact@acel.lu<br>Internetsite: www.acel.lu |
| **Tirage** | 4000 Exemplairen |
| **Koordinatioun** | Aurélie Nascimento, Geraldine Rissé, Christelle May |
| **Realisatioun** | Anja Kohl |
| **Fotoen** | www.shutterstock.com<br>www.pixabay.com |
| **Editioun** | 2019 |

# Inhaltsverzeichnis

4 Wat ass d'ACEL?

8 Studéieren...

...zu Lëtzebuerg 10
...an Däitschland 14
...a Frankräich 19
...an der Belsch 24
...an der Schwäiz 26
...an Éisträich 31
...a Groussbritannien 34
...an Holland 37
...an Amerika 39

44 Wunnengssich

48 Finanzéierung vum Studium

53 Krankeversécherung am Ausland

# Wat ass d'ACEL?

D'Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL) ass ee Comité den aus Lëtzebuerger Studente besteet, déi sech dofir asetzen, d'Schüler an d'Studenten aus dem Land iwwert déi verschidde Studiëgäng ze informéieren, se reegelméisseg zesummen ze bréngen an se, duerch ee permanenten Kontakt mat deene verschiddene Ministère, ze representéieren.

D'ACEL ass 1984 gegrënnt ginn an huet säit deem d'Zil verfollegt, dass d'Studente besser gehéiert solle ginn. D'Association ass vun do un net méi aus dem Lëtzebuerger Studentemilieu ewechzedenken. Haut vertrëtt d'ACEL iwwert 40 Studentencercelen déi duerch ganz Welt verdeelt sinn. Et fënnt een se an Däitschland, a Frankräich, an der Belsch, zu Lëtzebuerg, an Éisträich, an der Schwäiz, a Groussbritannien, an Holland an an den USA. Dës Cerclen empfänken d'Lëtzebuerger Studente wärend hirer Studienzäit an hirer Studentestad a ginn de Studenten d'Méiglechkeet u flotten Eventer deelzehuelen.

Dernieft ginn et nach déi fachspezifesch Cerclen. Dozou gehéieren d'Medezinner, d'Ekonomisten, d'Juristen, d'Psychologen, d'Archivisten an Bibliothekären, d'Ingenieuren, d'Kommunikatiounsstudenten an d'BTS-Studenten.

Dëst grouss Unzuel u Cerclen mëscht d'ACEL zum Gréissten a wichtegste Studentevertrieder zu Lëtzebuerg.

# WAT ASS D'AUFGAB VUN DER ACEL?

## MIR REGROUPÉIEREN

Ee vun den dräi Haaptziler vun der ACEL ass d'Studenten aus deene verschidde Stied zesummenzebréngen. Dofir organiséiert d'ACEL all Joers verschidden Evenementer. Ee vun deene gréissten Eventer ass **„de Studentebal"** den all Joers am Juli stattfënnt. Mat sengem eenzegaartege Konzept bréngt en an engem Owend déi verschidde Kulturen an Traditiounen aus deene verschidde Studentestied zesummen. Ee weidert Event ass den **„Tournoi de Noël"** deen all Joers am Dezember stattfënnt an deene verschiddene Studentecerclen d'Méiglechkeet gëtt, wärend 2 Deeg, am Basket, am Volleyball an am Fussball géinteneen unzetrieden.

Och **d'Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois (REEL)**, déi all Joer ronn 150 Lëtzebuerger Studenten an enger europäescher Studentestad zesummebréngt ass ee wichtegt Evenement wat d'Studente vereent.



## MIR INFORMÉIEREN

Der ACEL ass et wichteg, dass d'Schüler a Studenten iwwert hier Méiglechkeeten nom Lycée oder nom Studium informéiert ginn.

Fir dëst Zil ze erreechen brengt d'ACEL all Joer zwou Publikatiounen eraus. Am **„Guide du Futur Étudiant"** fannen d'Schüler all déi néideg Informatiounen iwwert déi verschidde Studentestied, wei och iwwert déi verschidde Formatiounen déi an deenen eenzele Länner ugebuede ginn. De **„Guide du Futur Diplômé"** gëtt de Studenten eng ganz Rei vun Informatioune mat op de Wee, déi hinnen de Start an d'Beruffswelt erliichtere soll. Niewent dësen zwou Publikatioune geet d'ACEL och reegelméisseg an déi verschidde Lycéeën uechtert Land fir d'Schüler iwwert d'Studien ze informéieren.







Fir de Schüler bei hirer Entscheedung iwwer zukünfteg Studien ze hëllefen, organisiert d'ACEL all Joer de **„Student fir 1 Dag"**. Hei hunn d'Schüler d'Méiglechkeet mat engem Bus an hier zukünfteg Studentestad ze fueren an sech op der Platz vun de Lëtzebuerger Studenten d'Stad, d'Uni an aner Reimlechkeeten weisen ze loossen. D'Schüler kommen esou a Kontakt mat den Lëtzebuerger Studenten an kennen all hier Froen beäntweren loossen.

D'ACEL an hir Membercerclë sinn och all Joer op der **"Foire de l'Étudiant"**, déi am November stattfënnt, vertrueden fir den zukünftege Studenten esou vill wéi méiglech nëtzlech Informatioune mat op de Wee ze ginn an hinnen all hier Froe bezüglech dem Studéieren ze beäntwerten.

## MIR REPRESENTÉIEREN

Nierwt dem Regroupement an der Information, vertrëtt d'ACEL d'Studente virun den Autoritéiten a verdeedegt hir Rechter. An dësem Kontext steet d'ACEL a reegelméissegem Dialog mat de verantwortleche Ministèren, ënner anerem dem Ministère fir Héichschoulbildung a Fuerschung, wei och dem Aarbeschtsministère. D'ACEL ass awer net nëmmen national aktiv, mee hëlleft och Studenten am Ausland bei Problemer mat den Autoritéiten.

D'ACEL ass ideologesch a politesch neutral, dat heescht datt si keng bestëmmte parteipolitesch Meenung vertrëtt. Dat ass extrem wichteg, well d'ACEL dem Usproch, all d'Studenten ze representéieren, wëll gerecht ginn.



## » KONTAKT ACEL

www.acel.lu // contact@acel.lu // ACEL-De Studentevertrieder // acelluxembourg



# STUDÉIEREN...

Ob s du Student zu Lëtzebuerg oder am Ausland bass, hei sinn nëtzlech Informatioune fir dech!

**ERASMUS**

All Student huet am Kader vu sengem Studium d'Recht, 6 bis 12 Méint op enger Partner-Uni ze studéieren. Dëst nennt een en Erasmus. Den Erasmus verlaangt eng gewëssen Organisatioun. D'Demarchen, déi s du maache muss, fir fortzegoen, sinn dës:

**1.** Mat Zäiten däin Dossier erareechen.

**2.** D'Lëscht vun den Unien duerchkucken a kontrolléieren, wéi vill Plaze se ubidden.

**3.** Kucken, wéi ee Semester s du fort kanns a sécherstellen, dass den Uniskalenner iwwereneestëmmt.

**4.** Dech iwwer d'Sproochkenntnisser, déi verlaangt ginn, informéieren (deemno wéi, ass hei e Sproochentest néideg).

**5.** Eng Krankeversécherung hunn (normalerweis geet deng Carte européenne d'assurance maladie duer).

**6.** Dir iwwerleeën, wéi s de dat Ganzt finanzéiers (op der Uni.lu huet een deelweis eng Bourse zegutt).

**7.** Kucken, dass Coursen ugebuede ginn, déi s de beleeë muss.

Wann s du an d'Ausland studéiere gees, hues du, wärend deem Zäitpunkt wou s du am Ausland studéiers, d'Recht op d'Bourse de Mobilité vum CEDIES.



Wann s du een Austausch an der Schwäiz maache wëlls, da muss du net iwwer den Erasmus-Programm, mee iwwer de Swiss-European Mobility Program fueren. D'Konditioune sinn awer déi selwecht wéi fir den Erasmus.

**Folgend Informatioune bezéie sech op den Erasmus op der Uni.lu (se kënnen an deenen anere Länner variéieren):**
Op der Uni.lu ass een Auslands-semester bis zum Ofschloss vum Bachelor obligatoresch. Am Bachelor kann een meeschtens am 3., 4. oder 5. Semester an den Erasmus goen. Dofir muss een awer mindestens 15 ECTS-Punkten am 1. Semester gepackt hunn. D'Masterstudente kënnen nëmmen am 3. Semester an den Erasmus goen. Heifir muss ee säin Erasmus-Projet erareechen, deen dann evaluéiert gëtt.

Fir d'Studente fënnt eng Informatiounsveranstaltung am Ufank vum Semester statt (Enn Februar). Am Mäerz mécht een dann dräi Choixen, fir unzeginn, wuer een am léifsten hi wéilt. Dono kritt een e Formular per Mail geschéckt, deen een ausfëlle muss. De Studiendirekter verdeelt dann déi fräi Plazen op Basis vun de Punkten, déi een huet (am Abrëll).

Wann den Dossier da vun der Uni, op där ee studéiert, accordéiert gouf, muss ee sech op där Uni umellen, op déi een hi wëll. Et muss ee säin Dossier selwer un d'Uni schécken. E Learning agreement gëtt ausgefëllt (30 ECTS-Punkte minimum). Dëse muss vum Studiendirekter accordéiert ginn. Et kann een deen éischte Mount vum Erasmus dëse Learning agreement änneren, wann et néideg ass. Dëse muss och erëm vun deenen zwou Unien accordéiert ginn.

**Wunnen**
D'Uni këmmert sech net ëm d'Wunnengssich. Du muss dech also selwer ëm eng Schlofplaz an deem Land, wou s du däin Erasmus méchs, këmmeren. Oft hunn déi Unien awer selwer Wunnengen, déi se Erasmusstudenten zur Verfügung stellen. Well och hei d'Unzuel limitéiert ass, muss du fréi genuch u sinn, fir esou eng Plaz ze kréien. Heifir mells du dech am beschten direkt bei der Uni selwer.

Méi Informatiounen zum Erasmus+ Programm vun der Uni.lu fënns du hei:

*wwwfr.uni.lu/layout/set/print/etudiants/mobilite/outgoing_etudiants_de_l_uni_lu/erasmus_etudes#10*

## GRATIS ËFFENTLECHEN TRANSPORT

Als Lëtzebuerger Student kanns du zu Lëtzebuerg gratis mam ëffentlechen Transport fueren. Wann s du am Hierscht ufänks, ze studéieren, kanns du nach bis den 30. September deng mycard vum Lycée benotzen. Dono kanns du dir dann eng gratis mKaart maache loossen.

Dofir muss du dech an der Mobilitéitszentral op der Stater Gare oder op der Gare um Belval mat folgenden Dokumenter presentéieren:

- eng Preuve d'inscription vun der Uni (Certificat de scolarité)
- eng Kopie vu denger Carte d'identité
- eng Passfoto
- en ausgefëllte Formulaire („Studenten-abo"), deen op www.mobiliteit.lu ze fannen ass.

Do ginn dann déi néideg Demarchë gemaach an d'Kaart kriss de innerhalb vun 10 Schaffdeeg per Post geschéckt. Als Alternativ kanns du déi néideg Dokumenter och mat der Post op de Verkéiersverbond schécken. D'Kaart ass fir ee Schouljoer gülteg.

Méi Informatioune fënns du ënner :

*www.mobiliteit.lu/se-deplacer/titres-de-transport/tickets-nationaux*

*wwwde.uni.lu/students/useful_information_from_a_to_z/transport_pass*

Ab dem 1. Mäerz 2020 ass den ëffentlechen Transport fir jiddereen zu Lëtzebuerg gratis.

## STEIEREN VUM STUDENTENJOB ZRÉCKFROEN

Als Student kann een déi Steieren, déi een am Kader vun engem temporären Aarbechtskontrakt op säi Salaire bezuelt huet, ënner verschidde Konditiounen zréckfroen.

Et handelt sech hei ëm folgend Konditiounen:

- Den Employeur iwwerhëlt d'Retenue forfaitaire.
- Et huet een net méi ewéi 18 Deeg um Stéck geschafft.
- Et huet een netto net méi wéi 14 Euro d'Stonn kritt.

Dës Demande kann een am Joer N+1 erareechen, bei der Regularisatioun (Modell 100) oder per Joresofrechnung (Modell 163). Dës Formularer fënns du ënner:

*https://impotsdirects.public.lu/fr/formulaires/pers_physiques.html.*

Dëst ass de Fall, wann de Revenu, deen ee kritt huet, méi niddereg ewéi de Minimum vital ass oder wann en deem entsprécht.

Méi Informatioune fënns du ënner folgendem Link:

*impotsdirects.public.lu/fr.html.*



Déi meescht Lëtzebuerger Studente studéieren an eisem Nopeschland Däitschland. Ob s du no un der Lëtzebuerger Grenz oder méi wäit fort wëlls studéiere goen, dës Informatioune kënnen dir wärend dengem Studium nëtzlech sinn!

## FEINSTAUBPLAKETTE (ËMWELT-PLAQUETTE)

Fir d'Loftqualitéit ze verbesseren, ginn ëmmer méi Stied op de Wee vun enger Ëmweltplaquette. An Däitschland ass et déi sougenannte „Feinstaubplakette". Dës kanns du bei all TüV kafen (6 €) oder beim ACL bestellen (10 € resp. 7,5 € fir Memberen). Beim TüV kritt ee se direkt op der Plaz ausgestallt. Beim ACL dauert et bis zu 10 Schaffdeeg, bis ee se huet.

Jee nom Auto senger Schuedstoffklass kritt een eng vun dräi Plaquetten (eng gréng, eng giel oder eng rout) ausgestallt, mat där een da mat sengem Auto an déi jeeweileg Stad kann erafueren oder eben net. Wéi eng Plaquette ee brauch a wéi eng Stied ënner dës Ëmweltregelung falen, fënns du op folgendem Internetsite: www.umwelt-plakette.de.

Du kanns dech och beim ACL iwwer déi verschidde Plaquetten informéieren an dës och direkt do bestellen:

ACL
54, route de Longwy
L-8080 Bertrange
Tel.: +352 45 00 45-1
www.acl.lu

## KFZ

D'KFZ-Steiergesetz an Däitschland verflicht Leit, déi an Däitschland ugemellt sinn oder déi hiren éischte Wunnsëtz an Däitschland hunn, hiren Auto an Däitschland unzemellen an dee Moment och Steieren drop ze bezuelen.

A leschter Zäit goufe mir awer ëmmer méi ugeschriwwen, dass och d'Lëtzebuerger Studenten opgefuerdert ginn, dës Steier ze bezuelen. D'ACEL versicht natierlech am Sënn vum Student eng Léisung ze fannen. Momentan musse mir eis awer nach mat verschidden Acteure gesinn an eis weider an d'Thema eraschaffen.

Fir momentan mol d'Situatioun beschtméiglech ze iwwerbrécken, géife mir dir uroden, folgend Schrëtt anzehalen, falls du e Bréif solls kréien:

**1. Schrëtt:**
Op de Bréif vun der Police an/oder dem „Hauptzollamt" äntweren. Op eisem Internetsite fënns du d'Virlag fir de Bréif, deen s du just nach mat dengen Donnéeën ausfëlle muss:

*https://acel.lu/wp-content/uploads/2019/04/breif-gez.pdf*

**2. Schrëtt:**
Un dëse Bréif muss du dann nach folgend Dokumenter unhänken:

- E Certificat de résidence vu Lëtzebuerg
- Eng Kopie vun der groer Kaart
- Eng Kopie vun der Assurance
- Eng Kopie vun der Vignette fiscale
- Deng Umeldungsbescheinigung vun der Uni

**3. Schrëtt:**
Alles zesummen (wa méiglech perséinlech) bei der Police, respektiv beim „Hauptzollamt" ofginn.

**4. Schrëtt:**
Op d'Äntwert waarden an eis eng Kopie vum Bréif a vun denger Äntwert zoukomme loossen. Dëst erméiglecht et eis, an deem Dossier weiderzeschaffen an no enger Solutioun ze sichen.

**5. Schrëtt:**
Dono besteet d'Obligatioun, säin Auto an Däitschland unzemellen. Hei gëtt et eng europäesch Direktiv, déi d'Studente vun dëser Obligatioun entbënnt.

Et ass awer leider esou, dass Däitschland dës Direktiv net ratifizéiert huet a se aus deem Grond net an Däitschland applizéiert gëtt. Dem aktuelle Stand no muss also all Student, dee méi ewéi 12 Méint an Däitschland wunnt, säin Auto och do umellen. Dës Dauer gëtt ab deem Zäitpunkt gerechent, wou ee sech op der däitscher Gemeng ugemellt huet.

Mir siche weider no enger Léisung fir dëse Problem an halen dech natierlech op www.acel.lu um Lafenden.

**GEZ**

An Däitschland ginn et déi sougenannte „Rundfunkgebühren" (GEZ). Dës Käschte setze sech souwuel aus Radio- wéi och Televisiounsfraisen zesummen. Wann s du d'Sozialbourse vum CEDIES kriss, kanns du dech dovu befreie loossen. Dofir brauchs du e „Befreiungsantrag" vun der GEZ. De CEDIES leet dëst Dokument direkt bei de gielen Ziedel, deen deng Bourse confirméiert, dobäi. Wann dat net de Fall ass, kanns du den Ziedel per E-Mail ufroen iwwer d'Adress info@cedies.public.lu. An der E-Mail muss Folgendes stoen: däin Numm, deng Matricule a fir wéi ee Joer de Certificat soll sinn. Dësen Ziedel musst du just erausdrécken an **net** ausfëllen. Du fënns den Ziedel och enner:

*https://www.verbraucherzentrale-niedersachsen.de/sites/default/files/medien/141/dokumente/Antrag%20auf%20Befreiung%20der%20Rundfunkbeitragspflicht.pdf*

Zousätzlech kanns du nach dëse Bréif ausfëllen a bei deng Demande dobäileeën:

*https://acel.lu/wp-content/uploads/2019/04/breif-gez.pdf.*

Duerch dëse Bréif ass kloergestallt, dass de CEDIES déi Agence ass, déi zu Lëtzebuerg fir d'Bourse zoustänneg ass an och op wéi eng EU-Gesetzer ee sech fir d'Befreiung berifft. Och gëtt op den Artikel aus dem GEZ-Gesetz fir Befreiung als Härtefall verwisen.

Mam Aschécke vum GEZ-Ziedel, dem CEDIES-Certificat an dem Bréif sollt et méiglech sinn, sech vun der GEZ befreien ze loossen. Ze wëssen ass awer, dass d'GEZ sech ëmmer op de ganze Stot bezitt an net just op eng eenzel Persoun. Wann s du also an enger WG wunns an d'Sozialbourse kriss, mee däi Matbewunner se net kritt, kanns du net vun der GEZ befreit ginn.

Du muss dës Befreiung all Semester ufroen, soss gëss du nees opgefuerdert, de Bäitrag ze bezuelen. No der éischter Befreiung soll et laut verschiddene Réckmeldunge souguer méiglech sinn, dat Ganzt online auszeféieren. Heifir muss du nees wéi uewe beschriwwen den Ziedel beim CEDIES ufroen, dëse scannen an da folgend Schrëtt duerchféieren:

- Op folgenden Site goen:

*www.rundfunkbeitrag.de/buergerinnen_und_buerger/formulare/kontakt/index_ger.html*



- Do op „eine Frage zu meinem Beitragskonto stellen" klicken.
- Deng perséinlech Donnéeën ausfällen an d'Bäitragsnummer net vergiessen.
- Am Feld „Ihre Nachricht" kuerz erklären, dass du hinne wéi d'lescht Semester déi néideg Dokumenter fir d'Befreiung heimat zoukomme léiss.
- Am Feld „Datei anhängen" de gescannte Formulaire vum CEDIES eroplueden an d'Ufro ofschécken.

Et ass esouguer méiglech, sech réckwierkend vun der GEZ befreien ze loossen. Dat allerdéngs just fir en Zäitraum vun dräi Joer.

Et wier wichteg fir eis ze wëssen, ob dëst bei jidderengem klappt. Dofir géife mir eis iwwer eng kuerz Réckmeldung freeën, wann s du dech net Online befreie loosse konnts. Du kanns eis op contact@acel.lu schreiwen.

## VERPFLICHTENDEN HAAPTWUNNSËTZ

Laut dem däitsche Gesetz bass du als Student verflicht, däin „Erstwohnsitz" an denger Studentestad unzemellen. Du muss awer drun denken, dass du dech net zu Lëtzebuerg ofmellen dierfs, well s du soss däin Urecht op d'Bourse an d'Krankeversécherung verléiers. Du hues also ab deem Moment zwee Haaptwunnsëtzer, wat gesetzlech kee Problem ass. Eventuell kriss du nodeems du dech ugemellt hues Post vun der GEZ. Vun där kanns du dech awer befreie loossen, wann s du och d'Sozialbourse kriss (weider Informatiounen dozou fënns du ënner dem Punkt „GEZ").



## WARMMIETE/KALTMIETE

Wien an Däitschland eng Wunneng lount, gëtt gezwongenermoosse mat de Begrëffer „Kaltmiete“ a „Warmmiete“ konfrontéiert.

**Kaltmiete:** Dëse Montant setzt sech nëmmen aus deene Käschten, déi ee fir d’Wunneng un de Proprietär bezuele muss, zesummen an hänkt souwuel vun der Gréisst vun der Wunneng, ewéi vum Quadratmeterpräis of.

**Warmmiete:** Dëse Montant setzt sech aus der „Kaltmiete“ an den Niewekäschten zesummen. Zu den Niewekäschten zielen d’Waasser, d’Heizung, Versécherungen, Fraise fir d’Offallentsuergung ewéi och méiglech Käschten, déi fir eng Botzfra ufalen, déi déi gemeinschaftlech Zonen am Appartementshaus botzt (Trapenhaus, Lift, etc). Oft ass et esou, dass du dech selwer ëm de Stroum, den Internet an den Telefon muss këmmeren. Dës Käschte sinn also net an der „Warmmiete“ mat abegraff. Vu dass dëst also vu Fall zu Fall anescht ass, rode mir dir, éier s du de Kontrakt ënnerschreifs, beim Proprietär nozefroen, wat an der „Warmmiete“ mat abegraff ass.



## BEFREIUNG VUN DER KRANKE-VERSÉCHERUNG

Oft froen d’Unien eng Umeldung bei enger däitscher Krankekeess. Dëst brauchs du awer als Lëtzebuerger Student net ze maachen, well s du eng europäesch Krankekeesskaart („Carte européenne d’assurance maladie“) besëtz an dofir europawäit verséchert bass. Du muss dir just vun enger däitscher Krankeversécherung bescheinege loossen, dass du zu Lëtzebuerg verséchert bass. Heifir gees du mat denger Krankekeesskaart einfach an iergendeng Agence vun enger däitscher Krankekeess (zum Beispill d’AOK) a frees no engem Ziedel, dee bestätegt, dass du befreit bass. Bei de meeschten Unie si sou Filialen an der Géigend, mee du kanns awer och kuerz iwwer d’Grenz fueren (z. B. op Tréier) falls du grad nach zu Lëtzebuerg bass. Dësen Ziedel kanns du da bei der Uni areechen.

## DÄITSCHE BANKKONTO

Bei verschiddenen Telefons- an Internetubbider kann ee just mat engem däitsche Kont seng Facturë bezuelen. Oft kann een och just mat engem däitsche Konto säi Loyer a seng aner Chargë bezuelen. An deene meeschte Fäll gëtt de Montant souguer automatesch vum Kont ofgebucht. Hei rode mir dir einfach, bei iergendenger däitscher Bank ee Kont opzemaachen. Dofir muss du deng Umeldungsbescheinegung mat op d’Bank huelen. Wichteg ass just, dass ëmmer genuch Geld um Konto ass, fir dass d’Zomme vun denge Rechnungen och all Mount kënnen ofgebucht ginn.



Ob s du niewent dem Eiffeltuerm oder beim Europaparlament studéiers, och a Frankräich ginn et Besonneschkeeten, déi s du an dengem Alldag als Student solls kennen. Lies dofir dës Informatiounen duerch!

**VIGNETTE CRIT'AIR (ËMWELT-PLAQUETTE)**

Fir d'Loftqualitéit ze verbesseren, ginn ëmmer méi Stied op de Wee vun enger Ëmweltplaquette. A Frankräich heescht d'Ëmweltplaquette CRIT'Air. Se ass a bestëmmten Zone vu Frankräich obligatoresch. An deenen Zone kann de Verkéier zu bestëmmten Dageszäiten ageschränkt ginn. Du kanns d'Vignette online bestellen. D'Ausstellen dauert ongeféier 3 Wochen, de Präis ass 4,21 Euro. All weider Informatioune fënns du ënner:

*www.certificat-air.gouv.fr*

Do kanns du och deng CRIT'Air-Vignette bestellen. Du kanns dech och beim ACL iwwer déi verschidde Plaquetten informéieren.

## PÉAGE

A Frankräich muss ee bezuelen, fir op der Autobunn kënnen ze fueren. Dëst mécht een am sougenannte Péage. Mat dësem Geld ginn d'Stroossen neigemaach an an der Rei gehalen.

Wann een duerch e Péage fiert, kann een dëse mat enger Visaskaart bezuelen, wat relativ séier geet oder mat borem Geld, wat e bësse méi laang dauert. Wann ee sech beim Péage net onbedéngt wëll an d'Rei stellen, kann ee sech och en Télépéage-Badge ufroen. Mat deem kann een duerch déi Barrièrë fueren, déi extra fir den Télépéage reservéiert sinn. Fir d'Studenten ënner 26 Joer ass de Badge dat éischt Joer gratis, d.h. dass een d'Frais-de-gestionen (1,70 € de Mount) an d'Mise en service (11 €) net bezuele muss. Et kritt een dann all Mount eng elektronesch Rechnung zougeschéckt, wou de Präis vun de Faarten duerch de Péage drop steet. Dëse Bip&Go kanns du ganz einfach beim ACL kafen:

ACL
54, route de Longwy
L-8080 Bertrange
Tel.: +352 45 00 45-1
www.acl.lu

Méi Informatiounen zum Péage kriss du beim ACL oder op folgendem Site:

*www.aprr.fr/autoroute/tarif_autoroute.html*

## ËFFENTLECHEN TRANSPORT (TGV)

Fir net ëmmer musse mam eegenen Auto an d'Studentestad ze fueren, kann een och den TGV huelen. Mëttlerweil fiert den TGV vu Lëtzebuerg aus op Metz, Stroossbuerg, Lyon, Paräis, Montpellier, Lille, Rennes a Bordeaux. Billjeeë kann ee ganz einfach online op www.sncf.com kafen. Mir roden dir allerdéngs un, däi Billjee laang genuch am Viraus ze kafen, well do d'Präisser fir den TGV nach méi bëlleg sinn.

Et kann ee sech och bis 27 Joer eng „Carte jeune" zouleeën, mat där ee vu Reduktiounen op den TGV-Billjeeë profitéiere kann. Dës kascht 49 € pro Joer an et muss ee se och ëmmer bei senger Rees virweise kënnen. Weider Informatiounen zur Carte jeune fënns du ënner:

*www.lu.oui.sncf/fr/cartes-de-reduction*



Publiques erareechen, dee fir deng Tax zoustänneg ass (dat steet um Avis d'impôts drop). Déi néideg Virlag fënns du op eisem Site ënner:

*https://acel.lu/wp-content/uploads/2019/04/breif-gez.pdf*

## TAXE D'HABITATION

Wann s du a Frankräich wunns, kriss du Enn November déi sougenannten Taxe d'habitation ze bezuelen. Du muss awer fir den 1. Januar schonn an denger Wunneng gewunnt hunn, fir dann am November d'Tax gefrot ze ginn.

**Beispill:** Du kanns nëmmen eng Tax am November 2017 ze bezuele kréien, wann s du am Januar 2017 och an der Wunneng gewunnt hues. Wann s du awer elo am Abrëll N+1 an eng aner Wunneng plënners, kanns de awer nach ëmmer fir deng al Wunneng, an där s de am Joer N gewunnt hues, eng Tax gefrot ginn.

**Opgepasst:** Oft gëss du eréischt no dräi Joer opgefuerdert, ze bezuelen, mee da kriss du direkt zwou Rechnunge beieneen.

**Befreiung vun der Taxe d'habitation:** Wann s du kee Revenu hues, kanns du dech zum Deel vun dëser Tax befreie loossen. Eng ganz Befreiung ass fir Studente vum franséische Gesetz net virgesinn. Fir dech zum Deel befreien ze loossen, muss du eng „Demande gracieuse" beim Centre des Finances

Et ass wichteg, dass du den Delai respektéiers, fir de Montant vu denger Tax ze kontestéieren. Hei huet een Zäit bis den 31. Dezember vum nächste Kalennerjoer.

Du muss och oppassen, dass du deng Tax mat Zäite bezils, well s de sos relativ séier eng Majoratioun vun 10% vum Gesamtbetrag kriss. Dat ka souguer schonn zwee Deeg nom verpasste Bezueltermin de Fall sinn. Fir all eventuell Strofzënsen ze vermeiden, rode mir dir un, de komplette Betrag direkt ze bezuelen a gläichzäiteg d'Demande gracieuse ze maachen. Wann d'Reduktioun dann duerchgeet, kriss de deng Suen zeréck.

Leider kënne mir awer net garantéieren, dass dat mat der Demande gracieuse och klappt. Mir roden dir awer op alle Fall un, déi Reduktioun unzefroen.

**Bemierkung:** En neit Gesetz reegelt d'Taxe d'habitation nei, a soll schrëttweis 80% vun de Stéit vun der Tax befreien. Aktuell feelen awer nach Informatiounen, fir eng Schlussfolgerung zur Applikatioun vun dësem neie Gesetz ze zéien. D'ACEL hält dech ënner www. acel.lu um Lafenden.



## CONTRIBUTION DE VIE ÉTUDIANTE ET DE CAMPUS (CVEC)

CVEC steet fir „Contribution de vie étudiante et de campus“ an ass e Betrag vun 91 €, deen d’Studenten, déi eng Formation initiale am Enseignement supérieur a Frankräich maachen, all Joer musse bezuelen. Dëse Betrag muss virun der Aschreiwung bezuelt ginn.

Méi Informatioune fënns du um Site:

*www.cvec-info.nuonet.fr/la-cvec.html*

## FINANZIELL HËLLEF VUN DER CAF

A Frankräich huet all Student d’Recht op eng staatlech finanziell Hëllef vun der CAF (Caisse d'allocations familiales). Dëse Montant läit ongeféier tëschent 80 an 200 € de Mount. D’Hëllef vun der CAF kanns du ganz einfach iwwer den entspriechenden Internetsite ufroen (www.caf.fr). Op dësem Site fënns du och Informatiounen zu deenen Dokumenter, déi s du brauchs, fir d’Hëllef unzefroen. Säit enger Reform ass dëse Montant vum Loyer vun der Wunneng ofhängeg.

## FRANSÉISCHE BANKKONTO

Bei verschiddenen Televisiouns- an Internetubbider kann ee just mat engem franséische Konto seng Facturë bezuelen. Oft kann een och just mat engem franséische Konto säi Loyer a seng aner Chargë bezuelen. An deene meeschte Fäll gëtt de Montant souguer automatesch vum Konto ofgebucht.

Hei rode mir dir einfach, bei iergendenger franséischer Bank e Konto opzemaachen. Dofir muss du just deng Carte d'identité an däin Contrat de Bail mathuelen. Wichteg ass just, dass ëmmer genuch Geld um Konto ass, fir dass d’Zomme vun denge Rechnungen och all Mount kënnen ofgebucht ginn.






# Spezial Offer fir Studenten : 50 € Kredit op däi Flex Kont !

*Fir vun dëser Offer* ze profitéieren, schéck eis eng Kopie vun denger Studentekaart an deng Flex Clientsnummer op* ***info@flex.lu***

De Carsharing
iwwerall
zu Lëtzebuerg



Carsharing by CFL

flex.lu

**Dës Offer gëllt bis den 31. März 2020.*

Och an der Belsch ginn et eng Rei Saachen, déi s du als Student wësse muss. Mir hunn dir déi wichtegst Informatiounen zesummegefaasst, fir dir däi Liewen an der Belsch ze vereinfachen.

## ZONE DE BASSES ÉMISSIONS (ËMWELTPLAQUETTE)

Fir d'Loftqualitéit ze verbesseren, ginn ëmmer méi Stied op de Wee vun enger Ëmweltplaquette. Dës huet als Zil, déi ëmweltfrëndlechst Autoen ze favoriséieren, a wann ee keng huet, kann et séier deier ginn.

An der Belsch war bis elo just Antwerpen concernéiert. Säit 2018 ass awer och zu Bréissel eng Ëmweltzon (LEZ) ageriicht ginn. All Autofuerer, deen an déi Zon erafuere wëll, muss sech registréiere loossen. All weider Informatiounen zu der LEZ fënns du hei:

*www.lez.brussels/fr*

Beim ACL kanns du dech och iwwer déi verschidde Plaquetten informéieren:

ACL
54, route de Longwy
L-8080 Bertrange
Tel.: +352 45 00 45-1
www.acl.lu

## SEUIL DE RÉUSSITE

Dat éischt Joer vum Bachelor besteet aus 60 ECTS-Punkten (de ganze Bachelor aus 180). Ab deem zweete Joer kann een da selwer wielen, wéi vill ECTS-Punkten een erreeche wëll. Fir sech kënnen an d'zweet Joer anzeschreiwen, muss ee mindestens 45 ECTS-Punkten, souwéi och (wann een der huet) seng Pre-Requise vum éischte Joer gepackt hunn.

Et kann ee sech ëmmer nëmme jeeweils fir maximal 75 ECTS-Punkten umellen. Wann ee méi wéi 15 ECTS-Punkten net gepackt huet, kann ee sech net am nächste Joer umellen. An all Fach muss een op mannst 10/20 hunn. An Fächer wou ee manner kritt, muss een en Noexame schreiwen.

Mat 165/180 gepackten ECTS-Punkten aus dem Bachelor ass et méiglech, e Master unzefänken. Et muss een awer dofir am selwechte Joer déi 15 ECTS-Punkten nohuelen, an dat geet och nëmmen, wann een de Master op därselwechter Uni mécht. Falls een awer fir de Master d'Uni wiessele wëll, muss een all Cours mat op d'mannst 10/20 packen, dat heescht, et muss een déi 180 ECTS-Punkten direkt gepackt hunn.





D'Schwäiz ass fir vill Lëtzebuerger e beléift Studieland. Och hei hu mir dir déi wichtegst Informatiounen zesummegesicht, mat deenen s du méi einfach duerch däin Alldag kënns.

## AUTOSVIGNETTE

Fir an der Schwäiz kënnen op der Autobunn oder den Nationalstroossen ze fueren, brauch een eng Vignette. Dës Vignette kascht 40 Schwäizer Frang (CHF), et kritt ee se op der Grenz oder beim ACL ze kafen a se ass 14 Méint laang gëlteg. Méi Informatiounen zur Vignette fënns du ënner:

*www.ch.ch/de/autobahnvignette*

Du kanns dech och beim ACL iwwer d'Schwäizer Vignette informéieren an dës och direkt do kafen:

ACL
54, route de Longwy
L-8080 Bertrange
Tel.: +352 45 00 45-1
www.acl.lu

## ZOLL

Wann ee mat sengem Auto an d'Schwäiz wëll eran- oder erausfueren, muss ee sech beim Transport vu Liewensmëttelen, Déieren a Planzen u verschidde Virschrëften halen.
Bis op verschidden Ausname kënnen all déi Liewensmëttelen importéiert ginn, déi net als Déiereprodukter agestuuft sinn. Heibäi muss ee just d'Wuerewäertgrenz vun 300 Schwäizer Frang beuechten.



| PRODUIT | MAX. QUANTITÉIT/ PERSOUN | ZOLL FIR ZOU-SÄTZLECH QUANTITÉIT |
|---|---|---|
| Fleesch a Wurschten | 1 Kilo | bis 10 kg: 17 CHF pro kg<br>méi wéi 10 kg: 23 CHF pro kg |
| Botter oder Ram | 1 Kilo | 16 CHF pro kg/Liter |
| Fett, Ueleg a Margarine | 5 Kilo | 2 CHF pro kg/Liter |
| Alkoholescht Gedrénks bis zu 18% vol. | 5 Liter (nëmme Persounen iwwer 17 Joer) | 2 CHF pro Liter |
| Alkoholescht Gedrénks iwwer 18% vol. | 1 Liter (nëmme Persounen iwwer 17 Joer) | 15 CHF pro Liter |
| Gedrénks mat engem Alkoholgehalt bis zu 0,5% vol. gëllt net als alkoholescht Gedrénks. | | |
| Zigaretten/Zigaren | 250 Stéck (nëmme Persounen iwwer 17 Joer) | 0,25 CHF pro Stéck |
| Aner Tubaksproduiten | 250 Gramm (nëmme Persounen iwwer 17 Joer) | 0,10 CHF pro Gramm |

Eng einfach Method, fir d'Wuere korrekt ze verzollen, ass per App (www.quickzoll.ch). Ier een an d'Schwäiz areest, gëtt een d'Quantitéit vun all de Wueren un, déi een ze verzollen huet. D'App berechent dann, wéi vill een nach bezuele muss. D'Quantitéiten, déi erlaabt sinn, an d'Unzuel vun de Persounen déi mat engem reesen, ginn do mat betruecht. Doniewent gëtt et nach d'Méiglechkeet, d'Wueren op der Grenz selwer unzemellen.

**Planzen:**
Verschidde Planzen däerf een net mat an d'Schwäiz huelen. Eng Iwwersiicht fënns du ënner dësem Link: www.ezv.admin.ch.

**Hausdéieren:**
Hënn, Kazen a Frettercher däerfe mat an d'Schwäiz geholl ginn. Folgend Viraussetzunge musse just erfëllt sinn:

- D'Déier brauch en offiziellen Impfpass.
- D'Déier muss en Chip oder eng gëlteg Tätowéierung hunn.
- D'Déier muss géint Tollwut geimpft sinn (tëscht der 1. Impfung an der Urees mussen 21 Deeg vergaange sinn).

**Plënneren:**
Wann s du fir d'éischt an d'Schwäiz plënners, däerfs du theoretesch dat mat iwwer d'Grenz huelen, wat dir och virdru gehéiert huet a wat s du an der Schwäiz fir ze wunne brauchs. An der Reegel muss alles, wat méi nei wéi ee Joer ass, verzollt ginn.

Douaneskontrolle gi bei der Arees mam Auto, mam Zuch, mam Bus a mam Fliger gemaach. Et ass och méiglech, dass een an der Schwäiz selwer ugehal a kontrolléiert gëtt.

## AUTO AN DER SCHWÄIZ

Soubal een e Wunnsëtz an der Schwäiz huet (et zielt den Datum vum Auslännerausweis), däerf een nach ee Joer laang mat sengem lëtzebuergesche Führerschäin an der Schwäiz fueren. No engem Joer ass de Führerschäin an der Schwäiz net méi gülteg. Dann huet een zwou Méiglechkeeten:

**1) Bewilligung zum Benutzen eines unverzollten Fahrzeuges**

Dëst muss ee bei der Douane ufroen, an et kritt een et an der Reegel och geneemegt, wann een ugëtt, dass een op d'mannst zwee mol de Mount zréck op Lëtzebuerg fiert. Dofir brauch ee folgend Saachen:

- e Pass/eng Carte d'identité
- d'Pabeiere vum Auto
- den Auto muss op ee selwer ugemellt sinn (net op d'Elteren oder soss e Familljemember)
- e Certificat de scolarité
- en Auslännerausweis
- e Certificat de résidence vu Lëtzebuerg
- 25 Euro.

Ass dëst bis gemaach, däerf een an der Schwäiz just nach mat sengem eegenen Auto fueren a soss dierf keen op dësem Auto fueren.



**2) Ëmschreiwe vum Lëtzebuerger Führerschäin an e Schwäizer Führerschäin**

Et kann ee säi Lëtzebuerger Führerschäin an e Schwäizer Führerschäin ëmschreiwe loossen. Jee no Kanton, kann een dat nach bis zu fënnef Joer nom Areesen an d'Schwäiz maachen. Et muss een dofir en Aentest bei engem Aendokter/Optiker an der Schwäiz maachen a säi Führerschäi beim „Strassenverkehrsamt" ofginn. Donokritt een de Schwäizer Führerschäin heem geschéckt. De Lëtzebuerger Führerschäi gëtt weider op Lëtzebuerg geleet.

Weider Informatiounen, fir de Führerschäin ëmzeschreiwen ze loossen, fënns du um Site vum „Strassenverkehrsamt" ënner dem Thema Führerausweis (www.strassenverkehrsaemter.ch).

Et ass méiglech, dass een nach zousätzlech Fuersécherheetstraininge muss maachen (ähnlech wéi zu Colmer-Bierg), mee dat ass am Moment net eenheetlech gereegelt. Wichteg ass, dass ee mat engem Schwäizer Führerschäin innerhalb vun der Schwäiz just nach däerf mat Autoe fueren, déi an der Schwäiz immatrikuléiert sinn (wann z. B. d'Eltere mat engem Auto, deen zu Lëtzebuerg immatrikuléiert ass, op Besuch kommen, däerf een net dorop fueren!). Fir säin Auto an der Schwäiz ze immatrikuléieren, muss een deen importéieren, an zwar andeems een eng TVA vu 7,7% um Akafspräis oder dem aktuelle Maartwäert bezilt. Et muss een dann och Steieren an eng Assurance an der Schwäiz bezuelen.

D'Schwäizer verstinn hei kee Spaass. Wann een no engem Joer mat sengem lëtzebuergesche Führerschäin duerch d'Schwäiz fiert, gëtt dëst ugesinn, wéi wann een kee Permis hätt. Des Weidere muss een och eng héich Geldstrof bezuelen, wann een net mam richtegen Auto ënnerwee ass an een erwëscht gëtt.



## ËFFENTLECHEN TRANSPORT

D´Schwäizer Zuchnetz ass extrem effizient, esou dass ee vill Plaze mam Zuch erreeche kann. Allerdéngs sinn d'Zuchbilljeeë relativ deier, esou dass mir dir roden, dir de sougenannten „Halbtax"-Pass zouzeleeën. Dëse kascht 185 CHF (Stand August 2019) an erlaabt et dir, all Zuchbilljee zum hallwe Präis ze kafen.

Eng Alternativ wier de „Seven25 Pass", deen 39 CHF de Mount kascht, a mat deem een tëschent 19:00 a 5:00 Auer ouni weidere Billjee den Zuch huele kann.

## PERMIS DE SÉJOUR/ AUSLÄNNER-AUSWEIS

All auslännesche Student muss ee Permis de séjour (B-Schäin) besëtzen. Dëse kascht tëscht 60 an 100 CHF d'Joer. Fir esou ee Permis de séjour ausgestallt ze kréien, muss ee sech beim zoustännege Service de la population vu sengem Wunnuert mellen a folgend Dokumenter mathuelen:

- e Certificat de scolarité
- zwou Passfotoen
- e gëltege Pass oder eng Carte d'identité.

## SCHWÄIZER FRANG (CHF)

An der Schwäiz gëtt a Schwäizer Frang bezuelt. Dës Wärung kanns du dir ganz einfach op all Lëtzebuerger Bank besuergen. Du muss hei just drun denken, d'Suen 2-3 Deeg am Viraus ze bestellen, fir sécher ze sinn, dass du se zur Zäit kriss.

Et kann een awer och mat senger lëtzebuergescher Bancomatskaart Suen an der Schwäiz ophiewen an och mat der Visas- oder Bancomatskaart an de Geschäfter bezuelen.

Wann s du an engem Geschäft mat denger Kaart bezils, kënns du am beschten ewech, wann s du a Schwäizer Frang bezils (du kanns dat um Kaartenapparat auswielen).

Méi Informatiounen zum aktuelle Cours de change fënns du ënner :

*https://www.bcee.eu/cours/change*



Obwuel Éisträich net grad ëm den Eck läit, fanne vill Lëtzebuerger Studenten de Wee bis dohin. D'Informatiounen, déi s du onbedéngt wësse muss, wann s du an Éisträich studéiers, fënns du hei!

## AUTOSVIGNETTE

An Éisträich ass ee verflicht, eng Vignette ze kafen, fir kënnen iwwer déi éisträichesch Autobunn ze fueren. Hei kritt een dräi verschidde Vignetten:

- eng Vignette fir zéng Deeg: 9,20 €
- eng Vignette fir zwee Méint: 26,80 €
- eng Vignette fir ee Joer: 89,20 €

D'Vignette kritt een op der Grenz oder beim ACL:

ACL
54, route de Longwy
L-8080 Bertrange
Tel.: +352 45 00 45-1
www.acl.lu

## GIS

An Éisträich ginn et déi sougenannten „Rundfunkgebühren“ (GIS). Dës Käschte setze sech aus Radio- an Televisiounstaxen zesummen. De Betrag vun dësen Taxe variéiert vu Bundesland zu Bundesland. Aktuell si just déi éisträichesch Studenten, déi eng Studiebäihëllef an Éisträich kréien, vun dëser Tax befreit.

D'Taxeflicht fänkt den éischten Dag vum Mount un, wou eng Televisioun oder e Radio an der Wunneng opgestallt ginn ass. Normalerweis ass et esou, dass d’GIS un der Hausdier schellt a freet, ob s du eng Televisioun oder e Radio hues.

De Moment probéiert d’ACEL ze erreechen, dass ee sech als Lëtzebuerger Student vun dësen Taxe befreie kann, wann een d’Sozialbourse vum CEDIES kritt (esou wéi mir dëst bei der GEZ an Däitschland erreeche konnten). Mir sinn aktuell am Gaang, mat engem Testkandidat ze schaffen a waarden do nach op d’Resultater.

All Neiegkeeten, wat dëst Thema ugeet, wäerte mir op www.acel.lu veröffentlechen. Bei Froe kanns du dech zu all Moment per Mail (contact@acel.lu) oder per Facebook bei eis mellen.

## MELDEFLICHT

Laut Gesetz besteet an Éisträich eng Meldeflicht. Wann ee méi wéi dräi Méint an Éisträich wunnt, muss ee sech also um Gemengenamt oder um Bezierksamt (fir Wien) umelle goen. Dëst muss an Zäit vu véier Méint no der Urees gemaach ginn. Dofir brauchs du deng Carte d’identité, deng Aschreiwung vun der Uni, souwéi och den ausgefëllten Umeldungsformular, deen s du ënner folgendem Link fënns:

*https://www.oesterreich.gv.at/themen/dokumente_und_recht/an__abmeldung_des_wohnsitzes/Seite.1180200.html*

Op dëser Internetsäit fënns du och nach wieder Informatiounen zu der Umeldung an Éisträich.



ACL - MIR GARANTÉIEREN ÄR MOBILITÉIT

ACL




# Hutt dir viru kuerzem äre Führerschäi gepackt ?

## Gléckwonsch, mir schenken iech eng ACL Europa-Memberschaft!

All Persoun déi nach keen ACL Member ass, onofhängeg vum Alter, déi an deene lëschten 12 Méint hire Führerschäi gepackt huet, kritt eng gratis ACL Europa-Memberschaft vum 01.07.2019 - 31.12.2020.

DISPONIBLE SUR Google Play · Télécharger dans l'App Store

www.acl.lu

Du studéiers an England oder Schottland? Da lies dës Informatiounen zum Brexit, dem Hall of residence an dem Master of arts duerch!

**BREXIT**

Den aktuellen Datum fir de Brexit ass den 31. Oktober 2019. Och wann nach näischt decidéiert ass an et dofir onméiglech ass, genau Viraussoen ze maachen, gëtt en No-Deal ëmmer méi wahrscheinlech.

Am Fall vun engem Deal wëll d'Vereenegt Kinnekräich déi „onsécher" Identitéitskaarten lues awer sécher oflehnen. Dat geschitt awer net vun haut op muer. Lëtzebuerger, déi am Fall sinn, wäerten genuch Zäit kréien, fir op déi „sécher" Carte-d'identitéen ze wiesselen. EU-Bierger, déi d'EU-Biergerrechter besëtzen, dierfen esouwuel mat hirem Pass ewéi och mat hirer Carte d'identité bis zum Schluss vun der Ëmsetzungsfrist a Groussbritannien reesen. Duerno mussen d'Dokumenter der International Civil Aviation Organisation (ICAO) hire biometresche Standarden entspriechen.

Am Fall vun engem No-Deal kann een nach bis den 31. Dezember 2020 mat enger Carte d'identité an d'Vereenegt Kinnekräich areesen. No dësem Datum kann et sinn, dass d'Carte d'identité net méi duer geet.

Op der sécherer Säit bass du awer, wann s du elo schonn e gültege Reespass hues! Falls du däi Pass zu Lëtzebuerg solls leien hunn, dann ass et am einfachsten, wann s du dir e per ageschriwwene Bréif schécke léiss.

Falls du guer kee Pass solls besëtzen an ëmmer just mat der Carte d'identité geflu bass, kanns du dir nach séier e Pass zu Lëtzebuerg ufroen.

Wann s du an der nächster Zäit net méi op Lëtzebuerg solls kommen, da kanns du och direkt op der Ambassade zu London e Pass ufroen:

27 Wilton Crescent
LONDON SW1X 8SD
Tel: (++44-20) 7235 6961
londres.amb@mae.etat.lu

Fir weider Froen a Saache Brexit huet de Staat iwwer MyGuichet en FAQ ageriicht :

*https://guichet.public.lu/fr/support/faq-brexit.html*

Falls du nach méi spezifesch Froe solls hunn, recommandéiere mir dir, eng Mail op folgend Email-Adress ze schécken: brexit@mesr.etat.lu.

Mir halen dech op eisem Site (www.acel.lu) iwwer déi nei Entwécklungen a Saache Brexit um Lafenden.



**HALL OF RESIDENCE**

A Groussbritannien hunn déi meescht Universitéiten hir eege Wunnheemer, wou d'Studente wunne kënnen. Meeschtens sinn dat miwweléiert Wunnenge mat enger Gemeinschaftskichen, enger Toilette, engem Buedzëmmer an eventuell engem Gemeinschaftsraum. Dat nennt een en „hall of residence".

Jee no Wunnheem huet een eng komplett Verfleegung, eng hallef Verfleegung oder guer keng Verfleegung. A verschiddene Wunnheemer sinn d'Geschlechter getrennt. Et ginn der awer och, wou se gemëscht sinn. Oft gi Porte-ouverten organiséiert, fir dass ee sech e Bild vum Wunnheem ka maachen.

An dëse Wunnheemer ass et meeschtens sou, dass een no sengem éischten Unisjoer an eng aner Wunneng plënnere muss. A verschidde Fäll kann een och 2 bis 3 Joer am Wunnheem bleiwen.

Oft ass et esou, dass een eng Kautioun hannerleeë muss, fir kënnen am Wunnheem ze wunnen. D'Käschte fir d'Heizung, de Stroum an d'Waasser sinn normalerweis am Präis mat abegraff. Studenten, déi an engem Wunnheem wunnen, mussen déi sougenannten „council tax" net bezuelen.

D'Studentewunnheemer befanne sech meeschtens no um Campus vun der Uni an et muss een esou net mat deieren Transportkäschte rechnen, fir op d'Uni ze kommen.

E weidere Virdeel vun engem Studentewunnheem oder enger Wunneng, déi vun der Uni geréiert gëtt, ass, dass een och alles online verwalte kann. Bei Privatwunnenge muss een oft op der Plaz sinn, fir d'Modalitéiten ze klären. Ausserdeem gëtt bei Privatwunnengen oft e sougenannten „guarantor" verlaangt – eng Persoun mat britescher Staatsbiergerschaft, déi dofir biergt, dass de Loyer bezuelt gëtt. Am Fall wou ee keng esou eng Persoun kennt, muss een oft e puer Méint Loyer am Viraus bezuelen.

Méi Informatioune fënns du ënner folgende Links:

*www.mystudenthalls.com*

*www.southampton.ac.uk/uni-life/accommodation/halls.page*

*www.uky.edu/housing/residence-halls*

## MASTER OF ARTS

A Schottland ass et esou, dass wann ee véier Joer op enger Universitéit studéiert huet an de sougenannten „under-graduate master" gemaach huet, dësen zu Lëtzebuerg net als Master unerkannt gëtt an och net der klassescher Master-Formatioun entsprécht.

„Master of arts" ass eng irféierend Bezeechnung vum Bachelor a Groussbritannien. Dat heescht am Kloertext, dass dësen „under-graduate master" zu Lëtzebuerg net als Master, mee just als Bachelor unerkannt gëtt.

Doniewent ass et och wichteg ze wëssen, dass e Bachelor net un der Unzuel vun de Jore gemooss gëtt, déi een op der Uni oder der Héichschoul mécht, mee un der Unzuel vun ECTS-Punkten, déi een a sengem Studium erreecht.



Eng Studiendestinatioun, déi ëmmer méi beléift gëtt, ass Holland. Hei fënns du Informatiounen, déi et sech lount, fir de Studium an Holland ze wëssen!

## TESTER ALS VIRAUSSETZUNG

**Sproochnoweis (IELTS, TOEFL, asw.):** Fir an Holland studéieren ze kënnen, ass et wichteg, dass een e gudden Niveau am Engleschen huet. Dat gëllt souwuel am Mëndlechen ewéi och am Liesen an am Schrëftlechen. Fir dës Kenntnisser nozeweisen, gëtt op munchen Unie mol e Sproochentest gefrot. Meeschtens gëtt den IELTS- an den TOEFL-Test vun den hollänneschen Universitéiten akzeptéiert. Et kënnen awer och aner Tester gefrot ginn, ewéi zum Beispill de Cambridge English Test. Am beschten informéiers du dech am Viraus bei der Uni vun denger Wiel, ob se esou en Test verlaangt a wann jo, wéi een néideg ass.

Méi Informatiounen zu deene verschiddenen Tester fënns du hei:

TOEFL TEST:
*www.ets.org/fr/toefl*
IELTS TEST:
*www.ielts.org*
CAMBRIDGE ENGLISH TEST:
*www.cambridgeenglish.org*

**Aneren Noweis:**
Deemno fir wéi ee Bachelor ee sech umellt, muss een aner Kenntnisser noweisen. Sou kann et zum Beispill sinn, dass ee fir e Bachelor of science e Mathéstest maache muss. Dëst hänkt vun Uni zu Uni of. Informéier dech also fréi genuch bei der Uni vun denger Wiel.

## UMELDUNG OP DER GEMENG

EU-Studente brauche keng extra Openthaltsgeneemegung an Holland unzefroen. E gültege Pass oder eng Carte d'identité geet duer. Wann s du dech méi wéi véier Méint an Holland ophäls, muss du dech awer an enger Basisregistréierungsdatebank („Basisregistratie personen" oder BPR) an der Gemeng, wou s du wunns, androe loossen. Dëst kanns du ganz einfach mat denger Carte d'identité oder dengem Pass maachen. Du kriss dann eng sougenannte „Bürgerservicenummer", déi s du brauchs, fir administrativ Ugeleeënheeten an Holland duerchzeféieren.

Méi Informatioune fënns du um Site vun der Gemeng, an där s du wunns oder änner:

*www.burgerservicenummer.nl*





## KRANKEVERSÉCHERUNG

Als Student brauch ee keng Krankeversécherung an Holland ofzeschléissen, och wann ee per Bréif dozou opgefuerdert gëtt. Et soll een déi zoustänneg Administratioun awer a Kenntnis setzen, dass ee vu Lëtzebuerg aus verséchert ass, soss muss een eventuell eng Strof bezuelen. Falls een awer an Holland schafft, muss een eng hollännesch Krankeversécherung ofschléissen.

## VËLO

An Holland ass et en absolute Must, sech mam Vëlo a senger Studentestad ze deplacéieren. Hei ass et awer och wichteg, sech e gutt Schlass zouzeleeën, fir dass ee säi Vëlo net vun Onéierleche geklaut kritt.




Wann een eng aner Kultur kenneléiere wëll, kënnen d'USA interessant sinn. Hei fënns du alles, wat et studientechnesch ze wësse gëtt.

## TESTER ALS VIRAUSSETZUNG

**Sproochnoweis:**
Fir an den USA studéieren ze kënnen, muss een e gudden Niveau am Engleschen hunn, souwuel am Mëndlechen ewéi och am Liesen an am Schrëftlechen. Fir dëst nozeweisen, kann een op munchen Unien e Sproochentest gefrot ginn. Meeschtens gëtt den IELTS- an den TOEFL-Test vun den amerikaneschen Universitéiten akzeptéiert. Et kënnen awer och aner Tester vun den Universitéite gefrot ginn, ewéi zum Beispill de Cambridge English Test. Am beschten informéiers du dech hei am Viraus bei der Uni, ob si esou een Test verlaangen a wa jo, wéi een néideg ass.

Méi Informatiounen zu de Sproochentester fënns du hei:

*www.internationalstudent.com/study_usa/application-process/standardized-tests/overview*

**SAT/ACT Standardized tests:** Dës Tester gi vu villen, awer net allen, Unie gefuerdert a spillen eng grouss Roll bei der Héicht vum Scholarship, deen een eventuell ka kréien. Et muss ee laang am Viraus plangen, wéini een den Test schreift. Online fënnt een och gratis Preparatiounstester oder Bicher, déi engem hëllefen, sech dorobber virzebereeden. Eng Strategie ze entwéckelen ass enorm wichteg, fir e gudde Score ze kréien.

Den SAT evaluéiert zu 50% deng Mathéskompetenzen an zu 50% deng englesch Sproochkenntnisser. Den ACT verdeelt seng Schwéierpunkten op Wëssenschaften, Mathé an Englesch.

Am beschte mécht een den Test méi wéi eng Kéier, fir dass ee genau weess, wat op een duerkënnt. Zu Lëtzebuerg kann een den Test op der International School of Luxembourg (ISL) schreiwen.

Méi Informatiounen dozou fënns du ënner:

*https://collegereadiness.collegeboard.org*

*https://www.act.org*

**U.S. VISA**

Fir kënnen an den USA ze studéieren, brauchs du en U.S. Visa („student visa“). Fir deen ze kréien, muss du fir d'éischt online de sougenannten „DS-160“-Formular ausfëllen. Wann s du alles aginn hues, muss du drun denken, d’Bestätegungssäit erauszedrécken.

Nodeems du däi VISA bezuelt hues, muss du e Rendez-vous op der amerikanescher Botschaft oder dem Konsulat ausmaachen, fir e Visa ze kréien. Dëst kann eng Zäitchen daueren, dofir rode mir dir, d’Demande fir de Visa sou frei wéi méiglech ze maachen.

Fir deng Demande ze komplettéieren, brauchs du folgend Dokumenter:

- e gëltege Pass
- en ënnerschriwwenen „Certificate of Eligibility for Nonimmigrant Student Status“ (I-20-Formular)
- d’Bestätegungssäit vum DS-160-Formular
- d’Bestätegung vum Rendez-vous mat der Botschaft oder dem Konsulat.

Déi genau Virgoensweis ass och nach emol genau op folgendem Site erkläert:

*http://www.ustraveldocs.com/de_de/de-niv-visaapply.asp*

## KRANKEVERSÉCHERUNG

D'Gesetz verlaangt, dass déi Leit, déi an den USA studéieren, eng Krankeversécherung hunn.

D'Käschte fir d'Gesondheetsdéngschtleeschtunge kënne ganz anescht ausfale wéi zu Lëtzebuerg. Dofir rode mir dir, eng zousätzlech Krankeversécherung ofzeschléissen. Am beschte frees du do bei denger Zousazversécherung zu Lëtzebuerg no, fir weider Informatiounen ze kréien.

Déi meescht Unie bidde fir hir international Studenten eng Krankeversécherung un. Dës bezilt een automatesch, ausser et kann een noweisen, dass een eng zousätzlech Krankeversécherung huet. Am beschte frees du bei der Uni selwer no, wat se de Studenten ubitt.

## SCHOLARSHIP

Et ass gewosst, dass Amerika net dat bëllegst Land ass, fir ze studéieren. Eng Bourse kann do scho ganz nëtzlech sinn. Eng Bourse ass eng finanziell Hëllef, déi als Zil huet, d'Studenten ze fërderen. D'amerikanesch Universitéite bidden och internationale Studenten eng Rei Bourssen un. Wien eng Bourse an den USA kritt, hänkt ganz vun de Modalitéite vun der jeeweileger Bourse of. Et gëtt also keng generell Reegel. Fir verschidde Boursse muss een eng gewësse Punktzuel am TOEFL-Test kritt hunn oder eng gewësse Moyenne erreechen. Hei muss du dech also informéieren, wéi eng Bourse fir dech a Fro komme géif. Dëst ka sech duerchaus



als komplizéiert erweisen. Am beschte frees du direkt bei der Uni no.

## SUE BLOCKÉIEREN

Fir an den USA studéieren ze kënnen, muss du garantéiere kënnen, dass du genuch Suen hues, fir ze liewen an deng Studiekäschten ze bezuelen. Dës Zomm gëtt folgendermoosse gerechent:
Du muss dat ganzt Schoulgeld („tuition") fir ee Joer a genuch Suen hunn, fir ee Joer kënnen ze iwwerliewen. Wat d'Tuition ubelaangt, gëtt scho mat a Betruecht gezunn, ob s du e Scholarship vun der Uni krus (dëse gëtt dann ofgerechent).

All Uni gesäit do eng aner Zomm vir, wat d'Liewenskäschten ubelaangt, well dat hänkt vun der Stad of, wou s de wunns (New York ass zum Beispill méi deier). Normalerweis stinn dës Montanten op der Uni hirer Internetsäit.

## STUDENTENJOB

An den USA däerfs du, als internationale Student, niewent dem Studium schaffe goen, awer ausschliisslech op der Uni an nëmme wann s du am Besëtz vun engem F-1-Visa bass.

Dëst ass folgendermoosse reglementéiert:

- 20 Stonnen d’Woch niewent de Coursen op der Uni
- Vollzäit an deene Perioden, wou ee keng Coursen op der Uni huet.

Fir wieder Informatioune kanns du dech beim Beroder fir auslännesch Studenten op denger Uni mellen.

## DOLLAR

An den USA gëtt mat Dollar bezuelt. Dës Wärung kanns du dir ganz einfach op all Lëtzebuerger Bank besuergen. Du muss hei just drun denken, d'Suen 2-3 Deeg am Viraus ze bestellen, fir sécher ze sinn, dass du se zur Zäit kriss. Denk drun, dass du an den USA just mat enger Kreditkaart (Visa, Mastercard, asw.) an net mat denger Bancomatskaart (Axxess, asw.) an de Geschäfter bezuele kanns. Wann s du an engem Geschäft mat denger Kaart bezils, kënns du am beschten ewech, wann s du an Dollar bezils (du kanns dat um Kaartenapparat auswielen). Méi Informatiounen zum aktuelle Cours de change fënns du ënner:

*https://www.bcee.eu/cours/change*

## INTERNATIONALE FÜHRERSCHÄIN

Wann s du an Amerika studéiers an do mam Auto fuere wëlls, brauchs du en internationale Führerschäin (däi lëtzebuergesche Führerschäi geet net duer).

Dëse kanns du beim ACL ausgestallt kréien. Dofir brauchs du folgend Dokumenter: e gültege Führerschäin ausgehännegt vun engem Memberland vun der EU, en aktuelle Certificat de résidence vun denger Gemeng (deen net méi al wéi dräi Méint däerf sinn) an eng aktuell Passfoto vun dir. De Führerschäi kascht 12 € fir ACL-Memberen (Net-Membere bezuele 17 €) an ass maximal dräi Joer gëlteg. Zousätzlech zum internationale Führerschäi muss du och ëmmer däi lëtzebuergesche Führerschäin dobäi hunn.



# Non respect de vos droits ?

# L'Union Luxembourgeoise des Consommateurs vous vient en aide

**ULC nouvelle asbl**

www.ulc.lu

**Pour toute demande de renseignements, veuillez nous contacter s.v.p. par téléphone - 496022-1 ou courriel - info@ulc.lu**

**Heures d'ouverture des bureaux à Howald**
de 8h00 à 12h00 et de 13h00 à 17h00
(l'après-midi uniquement sur rdv)

Permanences les lundis, mercredis et vendredis de 12h00 à 13h00

**Consultations par des avocats et conseillers fiscaux**
sur rendez-vous uniquement

**Consultations hebdomadaires par des conseillers de l'ULC à**

- Esch/Lallange, complexe « Omnisport »
  Bd Hubert Clément
  Mardi de 14h00 à 16h00
- Ettelbruck, Maison sociale
  40, avenue Salentiny
  Jeudi de 14h00 à 16h00
- CSL Bonnevoie
  2-4, rue Pierre Hentges
  Mardi de 09h00 à 13h00
  Jeudi de 13h00 à 17h00

SCAN ME

Scannez le QR-Code pour visiter notre site Internet.




Union Luxembourgeoise des Consommateurs
55, rue des Bruyères L-1274 Howald
Téléphone: 49 60 22 - 1 Téléfax : 49 49 57
E-mail : info@ulc.lu www.ulc.lu
www.facebook.com/UnionLuxembourgeoisedesConsommateurs

# Wunnengssich



Wann s du am Ausland studéiers, brauchs du eng Wunneng. Du hues d'Méiglechkeet, an e Studentewunnheem ze goen oder en Appartement oder e Studio ze lounen. Heibäi ginn et eng Rei Saachen, déi s du dofir wësse solls!

## WÉI FËNNT EEN AM BESCHTEN ENG WUNNENG?

Et gi verschidde Méiglechkeeten, eng Wunneng ze fannen. Hautdesdaags geet dëst am beschten iwwer Internetsäiten oder iwwer Facebook, wou een eng Rei Gruppe vu Lëtzebuerger Studenten am Ausland fënnt, déi engem bei der Wunnengssich weiderhëllefe kënnen. Vill Studente maachen an dëse Facebookgruppen op hir Wunneng, déi fräi gëtt, opmierksam. Oft ass et also esou, dass verschidde Wunnenge vu Lëtzebuerger un aner Lëtzebuerger weiderverlount ginn. Natierlech besteet och d'Méiglechkeet, sech direkt bei Immobilienagencen ze mellen.

# WAT MUSS ECH FIR D'WUNNENGSSICH WËSSEN?

Wann s du méi genau wëlls wëssen, wéi s du an denger Studiestad eng Wunneng kanns fannen, da kuck dir eise Guide du Futur Étudiant un. Dësen ass de verschiddene Stied no ënnerdeelt a gëtt dir déi verschidde Méiglechkeete fir d'Wunnengssich un. Du fënns en ënner www.acel.lu/gfe.

## WAT ASS AM LOYER MAT ABEGRAFF?

Wann s du d'Präisser vun de Wunnenge vergläiche wëlls, dann denk drun, ze berücksichtegen, wat alles am Loyer mat abegraff ass. Oft mengt een, eng Wunneng wär méi bëlleg, mä da stellt sech eraus, dass et sech dobäi awer ëm e Präis ouni Niewekäschten (wéi Waasser, Stroum, Liftfraisen, etc.) handelt. Fro also onbedéngt beim Proprietär, respektiv bei der Agence no, wat alles am Präis mat abegraff ass.

Oft ass et esou, dass de Stroum net am Loyer mat abegraff ass. Du kriss also vum Stroumbedreiwer eng extra Rechnung heemgeschéckt, déi s du da bezuele muss. Dëst ass just eng Virschreiwung an ass soumat net dat, wat s du tatsächlech verbraucht hues.

Eemol d'Joer kriss du dann eng Ofrechnung, wou s du entweder nobezuele muss (wann s du méi verbraucht hues) oder Suen zréckkriss (wann s du manner verbraucht hues). Och d'Internet- an d'Televisiounskäschte sinn an deene meeschte Fäll net am Loyer mat abegraff. Du muss dir also en Internet-/ Televisiounsubidder eraussichen a mat deem e Kontrakt ofschléissen.

## WÉI ENG BEGRËFFER MUSS ECH KENNEN?

Wann s du da bis eng Wunneng fonnt hues, kommen eng Rei Begrëffer op dech zou.

**Biergschaft:**
Verschidde Proprietäre verlaangen eng sougenannte Biergschaft, well een als Student nach kee fest Akommes huet. Heibäi handelt et sech ëm eng Persoun, déi garantéiert, dass de Loyer fir d'Wunneng bezuelt gëtt. Falls du däi Loyer also net bezils, muss déi Persoun, déi fir dech biergt, dësen iwwerhuelen. Ween dës Persoun ass, gëtt meeschtens am Kontrakt festgehalen. Bei Studenten handelt et sech meeschtens ëm d'Elteren. D'Bierger mussen de Kontrakt dann och mat ënnerschreiwen.

**Kautioun:**
E wichtege Begrëff, deen s du bei denger Wunnengssich kenneléiere wäerts, ass d'Kautioun.Wann s du eng Wunneng louns, verlaangt de Proprietär eng Kautioun. Et handelt sech ëm eng Zomm Suen (de Montant muss am Kontrakt festgehale sinn), déi s du un de Proprietär bezuele muss. Dës Suen dierf de Proprietär awer net ausginn, mee déi ginn op d'Säit geluecht. Entweder iwwerweis du dem Proprietär selwer d'Kautioun oder d'Sue ginn op engem Bankkont blockéiert (garantie bancaire locative). Ob elo dat eent oder anert zoutrëfft, hänkt vu Fall zu Fall of.
Falls du däi Loyer net bezils oder eppes an der Wunneng futti méchs, gëtt dëst vun denger Kautioun ofgehal. Wann alles an der Rei ass, kriss du deng Kautioun zeréck, wann s du erëm aus der Wunneng erausplënners.

**Provisioun/Frais-d'agencen:**
Bei Wunnengen, déi iwwer eng Immobilienagence vermëttelt ginn, muss ee meeschtens eng Provisioun (bzw. Frais-d'agencen) bezuelen. Dës Sue kritt een net zeréck, mee se déngen dozou, d'Agence fir hir Déngschtleeschtungen ze bezuelen. Wichteg ass, dass d'Provisioun eréischt bei erfollegräicher Vermëttlung ze bezuelen ass. D'Wunnengsbesichtegunge sinn ëmmer gratis: Du muss d'Agence eréischt bezuelen, wann s du e Kontrakt ofgeschloss hues.

**Wunnengsiwwergab/Etat des lieux:**
Wann s du eng Wunneng louns, kënns du och mam Begrëff „Etat des lieux" oder „Wohnungsübergabe" a Kontakt. Heibäi handelt et sech ëm Besichtegungen, déi s du nach emol maache muss, éier s du deng Schlëssele kriss. Hei gëtt en Tour duerch d'Wunneng gemaach a sech alles ugekuckt. Et gëtt am Kontrakt (oder an engem extraen Dokument) notéiert, wann iergendeppes net funktionéiert (de Schäffchen, e Luuchteschalter, e Krunn, etc.) oder wann iergendwou eng Téitsch oder e Fleck an der Mauer oder am Buedem ass.
Denk drun, hei alles gutt ze kontrolléieren, net dass du dono dofir hafte muss, wann s du erëm erausplënners. Denk och drun, dass alles, wat am ënnerschriwwene Kontrakt mat der Hand bäigefüügt gëtt, nach emol ënnerschriwwe muss ginn (hei geet eng Paraph duer). Am beschten ass och, wann s du vun allem Fotoe méchs, fir op Nummer sécher ze goen.

Zum Schluss vun dengem Kontrakt, also wann s du aus der Wunneng erausplënners, gees du nach emol mam Proprietär (oder enger Persoun vun der Agence) duerch d'Wunneng. Hei gëtt da gekuckt, ob an der Wunneng alles an der Rei ass. Falls iergendeppes net méi funktionéiert oder futti ass, dierf de Proprietär de Reparatiounspräis vun der Kautioun, déi s du bezuelt hues, ofrechnen.

## WÉI KRÉIEN ECH DANN ELO MENG SAACHEN A MENG NEI WUNNENG?

Wann s du an deng Studiestad plënners, wëlls du sécherlech eng Rei Saache vun doheem mathuelen. Eventuell hues du jo och schonn e puer Miwwelen, déi s du mat an deng nei Wunneng huele wëlls. Schnell ass do den Auto net méi grouss genuch an et muss ee puer Mol de Wee an d'Unisstad fueren. Dëst ass alles anescht wéi praktesch, zemools wann een net grad ëm den Eck studéiert. Och wann ee keen Auto zur Verfügung huet, stellt sech d'Plënneren als extrem komplizéiert eraus.



Interessant ass et dofir beim ACL Clubmobil (Automobil Club) en Auto oder eng Camionnette ze lounen. Hei sinn eng Rei Autoskategorië souwéi och zwou verschiddene Gréisste vu Camionnetten (11,50 oder 15 m3) ze kréien. Als ACL-Member kann een hei vun 3% Remise profitéieren. Reservéiere kann een den Auto oder d'Camionnette ënner www.clubmobil.lu. Fir weider Informatioune kanns du dech beim ACL mellen:

ACL
54, route de Longwy
L-8080 Bertrange
Tel.: +352 45 00 45-1
www.acl.lu

# Finanzéierung




Studéiere goen, ob an d'Ausland oder net, ass net geschenkt an dofir gräift de Lëtzebuerger Staat de Studenten ënner d'Äerm. Zu Lëtzebuerg këmmert de CEDIES (Centre de documentation et d'information sur l'enseignement supérieur) sech ëm d'Gestioun vun der finanzieller Hëllef, déi de Staat de Studenten ubitt. Du kanns e per Telefon oder E-Mail kontaktéieren, oder einfach am Service, dee vu méindes bis freides vun 8:00 bis 17:00 Auer op ass, laanschtgoen.

CEDIES
20, montée de la Pétrusse
L-2327 Luxembourg
Internetsäit: www.cedies.lu
Tel.: (+352) 2478 – 88628
E-Mail: aide-fi@mesr.etat.lu

# WÉI FINANZÉIEREN ECH MÄI STUDIUM?

## WÉI VILL SUEN HUNN ECH ZEGUTT?

Déi finanziell Hëllef vum Staat besteet aus engem Deel „Bourse" an dem Deel „Prêt". D'Bourse ass deen Deel, deen een net zeréckbezuele muss. De Prêt muss een no sengem Studium zeréckbezuelen. Et ass jidderengem fräi iwwerlooss, ob een de Prêt huele wëll oder net.

### Bourse

**Basisbourse:**
• 2.050 € pro Joer: All Student, deen op enger Universitéit oder Héichschoul ageschriwwen ass, huet heirobber en Urecht.

**Mobilitéitsbourse:**
• 2.510 € pro Joer: Kritt all Student, deen ausserhalb vu sengem Wunnsëtzland studéiert an do Loyer bezilt.

**Sozialbourse:**
• maximal 3.894 € pro Joer: Jee nodeem, wéi héich dat besteierbart Akommes vun den Elteren oder besser gesot, dem Stot ass, an deem een ugemellt ass, kann ee bis zu 3.894 € Sozialbourse kréien. Deen Deel, deen een net kritt, kann een als Prêt ufroen.

**Familljebourse:**
• 512 € pro Joer: Kritt all Student, deen e Brudder oder eng Schwëster huet, deen oder déi am selwechte Stot ugemellt an och op enger Uni ageschriwwen ass. Dësen Deel vun der Bourse kritt een nëmmen am Summersemester ausbezuelt.

**Studiefraisen:**
• maximal 3.700 € pro Joer: D'Aschreiwungs- a Studiekäschte vun 100 € bis zu maximal 3.700 € ginn zu jee 50% op d'Bourse an op de Prêt opgedeelt. Hei ginn allerdéngs 100 € fir Dossierskäschten ofgehalen.

**Härtefall:**
• 1.000 € pro Joer: Sollt ee sech an enger „situation grave et exceptionnelle" befannen, kann een eng zousätzlech finanziell Hëllef vun 1.000 € ufroen, dëst an engem Bréif un de „Ministère de l'Enseignement Supérieur et de la Recherche" adresséiert, an deem ee seng Situatioun erkläert. D'Sue ginn zu jee 50 % op d'Bourse an op de Prêt opgedeelt. Diskutéiert ginn d'Härtefäll an der Commission consultative de l'aide financière, an där ënner anerem och d'ACEL vertrueden ass.

**Prêt**

6.500 € bis 10.394 € pro Joer: All Student ka 6.500 € Prêt ufroen. Deen Deel vun der Sozialbourse, deen een net kritt, kann een och als Prêt ufroen, deen domat op bis zu 10.3094 € klamme kann. Dësen ass op maximal 2% Zënse gedeckelt an ass zwee Joer nom Studium an enger maximaler Zäitspan vun zéng Joer zréckzebezuelen.

**Wichteg:** Dës Montante kënne jee nom Index variéieren.

**WÉI MAACHEN ECH MENG DEMANDE?**

Du hues dräi Méiglechkeeten:

- Online iwwer myguichet.lu
- Per Post
- Dossier direkt beim CEDIES am Service ofginn.

Mir roden dir, se aus folgende Grënn online ze maachen:
**1.** Et muss een ab der zweeter Kéier vill manner Dokumenter mat eroplueden.
**2.** D'Online-Demandë ginn an der Reegel méi séier traitéiert. Dofir erkläre mir hei och just, wéi d'Online-Demande geet.



**Etapp 1: Aloggen**
Fir d'éischt muss du dech op www.myguichet.lu aloggen. Wann s du nach kee Kont hues, muss du dech hei nei umellen. Dofir brauchs du deng Matricule an ee vun de véier LuxTrust-Certificaten: d'Carte d'identité, d'Smartcard, de Signing Stick oder den Token. Wichteg: Du muss däin eegene Certificat hunn, dee vun dengen Eltere geet net! Wann s du keen hues, kanns du dir een op www.luxtrust.lu bestellen.

**Etapp 2: Dossier auswielen**
Nodeems du dech ageloggt hues, muss du de Formulaire auswielen.

**Etapp 3: Ausfëllen an ënnerschreiwen**
Als nächst muss du dann déi gefroten Donnéeën ausfëllen. Wann s du alles aginn hues, muss du deng Demande nach elektronesch ënnerschreiwen. Dofir brauchs du nees däi LuxTrust-Produit.

**Etapp 4: Dokumenter eroplueden**
Jee nodeem, wat s du ausgefëllt hues, gëss du méi oder manner Dokumenter gefrot. Wichteg ass:

- Et ginn nëmme PDF-Dokumenter ugeholl. Pass also op, dass du d'Dokumenter als PDF scanns.
- De PDF dierf net schreifgeschützt sinn. Falls et awer de Fall ass, muss du en einfach just nei ofspäicheren (bei Mac: mat „Vorschau" opmaachen, dann › „Ablage" › „sichern").
- Wann ee vun dengen Dokumenter méi wéi eng Säit huet, muss du déi verschidde Säiten all zesummen an ee PDF-Fichier setzen. Wann s du dann alles eropgelueden hues, muss du nëmmen nach op „Transmettre" klicken.

**DEADLINE**

**Wantersemester:**
1. August bis den 30. November
**Summersemester:**
1. Januar bis den 30. Abrëll

**Wichteg!**
All Dossier, deen net komplett ass, gëtt eréischt ganz zum Schluss traitéiert!
Fro deng Bourse och am beschten den éischte Mount schonn un, well do sinn d'Waardezäiten net esou laang ewéi kuerz virun der Deadline.

**WAT ASS ...?!**

**Sozialversicherungsnummer/ Matricule:**
Hei gëtt déi nei Matricule (13 Stellen) gefrot. Dës fënns du op der Sécurité-sociales-Kaart, déi s du zougeschéckt krus.

**Cycle:**
E Cycle ass e Studiegang. De Bachelor ass deen éischte Cycle an de Master ass deen zweeten.

**RIB:**
De „Relevé d'identité bancaire" (RIB) ass eng Beschäinegung, déi vun der Bank ausgestallt gëtt, a bestätegt, dass e Kont op e bestëmmten Numm leeft (méi dozou ënner „Online-Dokumenter").

**Mobilitätsstipendium/ Bourse de mobilité:**
Wann s du kee Kontrakt hues, well s du z. B. an enger WG wunns, geet eng schrëftlech Bestätegung vum Haaptlocataire oder Proprietär duer.

**Familienstipendium/Bourse familiale:**
Dësen Deel vu 500 €/Joer gëtt nëmme bei der zweeter Tranche (Summersemester) vun der Bourse ausbezuelt.
Wann s du keng zweet Tranche ufrees, kanns du d'Familljebourse mat engem extrae Formulaire awer ufroen (Sonstige Stipendien/ Autres bourses financières).
Wann s du e Subsid, deen net un e „Merite" gebonnen ass, vun der Gemeng kriss, muss du deen hei uginn.

**Online-Dokumenter:**
Verschidden Dokumenter kriss du online:

Op macommune.lu / vdl.lu (dat ass net bei all Gemeng de Fall):
- Certificat de composition de ménage
- Certificat de résidence

Bei der Uni (dat ass net bei all Uni de Fall):
- Frais d'inscription/Certificat d'inscription définitive
- Certificat des résultats de l'année précédente

Um Web-Banking :
- RIB / Bankverbindungsnachweis / Relevé d'identité bancaire

Bei der Spuerkeess:
Um S-net aloggen › „Store" › „Meine Informationen" › „Bescheinigung einer Bankverbindung" › „Konto auswielen"
- Preuve de paiement des frais d'inscription
- Preuve de paiement de loyer

Méi Informatioun zu der Bourse fënns du ënner:

*https://cedies.public.lu/fr/obtenir-aide-financiere/bourse-pret.html*

## ACEL BOURSE VIDEO

Du wëlls alleguer des Informatiounen nach emol méi einfach erkläert kréien, da kuck dir eise Video zur Bourse un!




*https://acel.lu/2019/10/08/video-aides-financieres*

## WAT MAACHEN ECH, WANN ECH KENG ADRESS MÉI ZU LËTZEBUERG HUNN?

Wann s du d'CEDIES-Bourse ufroe wëlls, brauchs du eng Adress zu Lëtzebuerg. Wann s du awer zum Beispill aus dem Foyer kënns oder net méi d'Méiglechkeet hues, bei dengen Elteren ze wunnen, kanns du dech an der Maison Eisenborn vum Service National de la Jeunesse (SNJ) umellen. Esou behäls du eng Residenz zu Lëtzebuerg, wat dir erméiglecht, d'Bourse beim CEDIES unzefroen.

Hei hues du och d'Méiglechkeet, wärend de Weekender oder an de Vakanzen een ze kréien. Zu deenen Zëmmeren zielen eng Gemeinschaftskichen, en Openthaltsraum an e Gemeinschaftsbuedzëmmer. De Loyer ass relativ gënschteg an erlaabt et engem, seng Wunneng am Ausland weiderzebezuelen. Du kann ausserdeem och just e Raum kréien, fir deng perséinlech Saachen ënnerzestellen.

Déi eenzeg Kritären, déi een als Student muss erfëllen, fir seng Demande beim SNJ kënnen ze maachen ass, dass ee muss am Ausland studéieren, dass ee keng Adress zu Lëtzebuerg däerf hunn an dass ee wëlles huet, e Lien zu sengem Ëmfeld zu Lëtzebuerg oprecht ze erhalen.

Wann s du an esou engem Fall bass oder eng Persoun kenns, fir déi d'Maison Eisenborn eng Hëllef kéint sinn, da mell dech iwwer folgend Adress: marie.hetto@snj.lu.

# BRAUCH ECH ENG KRANKEVERSÉCHERUNG AM AUSLAND?

## ZU LËTZEBUERG AFFILIÉIERT

Wann s du zu Lëtzebuerg wunns an op enger Uni am Ausland ageschriwwe bass, muss du bei enger lëtzebuergescher Krankekeess ugemellt sinn, fir d'Fraise vun der Gesondheetsversuergung am Studieland an zu Lëtzebuerg rembourséiert ze kréien. Hei hues du d'Méiglechkeet, dech entweder als Co-Versécherten (vun dengem Papp oder denger Mamm) unzemellen oder dech perséinlech unzemellen, falls eng Co-Versécherung net méiglech ass.

- Am Fall vun der Co-Versécherung ass déi zoustänneg Keess déi vum Haaptversécherten (dat heescht vun der Mamm oder dem Papp):
  - „Caisse nationale de santé“ (CNS) fir Versécherter aus dem Privatsecteur
  - „Caisse de maladie des fonctionnaires et employés publics“ (CMFEP) fir Mataarbechter aus dem ëffentleche Secteur
  - „Caisse de maladie des fonctionnaires et employés communaux“ (CMFEC) fir Gemengemataarbechter
  - „Entraide médicale des CFL“ fir Mat-aarbechter vun der Lëtzebuerger Eisebunn.

Du kanns dech direkt bei der zoustänneger Krankekeess als Co-Versécherten umellen.

• Wann s du dech als Student perséinlech veréchere wëlls, ass d'Caisse nationale de santé-D'Gesondheetskeess (CNS) zoustänneg. Fir dech unzemellen, muss du de Centre commun de la sécurité sociale (CCSS) kontaktéieren.

**GESONDHEETSVERSUERGUNG AM STUDIELAND**

Am Ausland studéiere gëllt als en temporairen Openthalt am Ausland. Et ka sinn, dass du wärend dengem Studium medezinesch versuergt muss ginn. Dofir ass et am beschten, déi zoustänneg Sozialversécherung op der Studieplaz ze kontaktéieren, fir méi Informatiounen iwwert d'Konditioune vum Remboursement an d'Ofdeckung vun der Betreiung op der Plaz ze kréien. Jee nodeem, wou ee studéiert ass d'Situatioun anescht.

**Fir d'Länner vun der Europäescher Unioun (EU) an dem Europäesche Wirtschaftsraum (EWR), an d'Schwäiz:**

Als Student kanns du dech bei der zoustänneger Sozialversécherung vun dengem Studieland registréiere loossen. Dës Aschreiwung erliichtert d'Formalitéite vum Remboursement, ass awer net onbedéngt noutwendeg. Normalerweis geet et nämlech duer, wann ee seng europäesch Sozialversécherungskaart („carte européenne d'assurance maladie“) virweise kann, fir dass d’Fraisen iwwerholl ginn.

Dës Betreiung gëtt dann no de gesetzleche Bestëmmunge vum Land, an deem s du dech ophäls, ausgeféiert an no den Tariffer, déi do applizéiert goufen, rembourséiert.

Déi europäesch Sozialversécherungskaart bestätegt d'Recht vum Student op medezinesch Versuergung am Studieland, fir datt e säin Openthalt a séchere medezinesche Konditioune weiderféiere kann, ouni seng Behandlung a sengem eegene Land ze ënnerbriechen.

Dës Kaart kann awer nëmme bei konventionéierten Déngschtleeschter benotzt ginn, dat heescht bei all Déngschtleeschter, dee mat der Sozialversécherung vu sengem Land en Ofkommes ënnerschriwwen huet. Normalerweis kann déi europäesch Sozialversécherungskaart net vun engem autoriséierten Déngschtleeschter refuséiert ginn. Wann et sech ëm en net autoriséierten oder privaten Déngschtleeschter handelt, kënnen d’Behandlungsfraisen no de lëtzebuergesche Bedéngungen an Tariffer rembourséiert ginn.

Wann en Déngschtleeschter déi europäesch Sozialversécherungskaart net akzeptéiert oder s du deng Kaart net dobäi hues, muss du d'Käschte vun der medezinescher Versuergung an enger éischter Phas selwer bezuelen a dann e Remboursement bei der

EU: Belsch, Bulgarien, Däitschland, Dänemark, Éisträich, Estland, Finnland, Frankräich, Griichenland, Holland, Irland, Italien, Kroatien, Lettland, Lëtzebuerg, Litauen, Malta, Polen, Portugal, Rumänien, Schweden, Slowakei, Slowenien, Spuenien, Tschechesch Republik, Ungarn, Vereenegt Kinnekräich Groussbritannien an Zypern.
EWR: Island, Liechtenstein an Norwegen

Krankekeess am Openthaltsland oder bei denger lëtzebuergescher Krankekeess ufroen:

• Wann s du d'Rechnungen an d'Krankekeess am Openthaltsland ageschéckt oder se bei hir agereecht hues, gëss du no den Tariffer an den Tauxen, déi am Openthaltsland gëllen, rembourséiert.

• Wann s du d'Rechnunge bei der zoustänneger Krankekeess zu Lëtzebuerg ageschéckt oder hir se agereecht hues, rechent dës de Präis vun de Rechnunge bei der Keess vum Openthaltsland (mam Formulaire E126 / S067). Du gëss dann no den Tariffer vum Studieland rembourséiert. Op ausdrécklecher Ufro hues du awer hei och d'Méiglechkeet, fir no de lëtzebuergeschen Tariffer an Tauxe rembourséiert ze ginn.

Ier een an ee vun dëse Länner studéiere geet, ass et wichteg, ze kontrolléieren, ob déi europäesch Sozialversécherungskaart nach ëmmer gëlteg ass. Wann néideg, kann een e Certificat als provisoreschen Ersatz vun der Sozialversécherungskaart bei der zoustänneger Krankekeess ufroen.

Schlussendlech gëtt all net remboursabel Déngschtleeschtung (zum Beispill Orthodontie fir Erwuessener, Osteopathie, Heilpraktiker) aus engem vun de genannte Länner net rembourséiert.

Fir vum Remboursement vu bestëmmte Behandlunge wéi Physiotherapie/ Kinesitherapie ze profitéieren, brauch een eng Bescheinegung, déi beseet, dass d'Krankekeess d'Käschten iwwerhëlt. Dës kriss du bei der CNS.



**Fir d'Länner ausserhalb vun der Europäescher Unioun (EU), der EWG an der Schwäiz, déi net duerch eng bilateral Konventioun mat Lëtzebuerg gebonne sinn:**

Et handelt sech hei ëm all aner Länner op der Welt, ausserhalb vun der EU, der EWG an der Schwäiz, déi net mat Lëtzebuerg duerch eng Konventioun verbonne sinn, sou wéi d'USA oder Australien.

D'Rechnungen aus dëse Länner mussen un déi zoustänneg lëtzebuergesch Krankekeess geschéckt ginn a ginn dann no de lëtzebuergeschen Tauxen an Tariffer rembourséiert, ënner der Bedéngung, dass dës Tariffer d'Fraisen decken.

Fir datt d'Rechnunge kënne rembourséiert ginn, musse se:

- bezuelt sinn
- detailléiert (a medezineschen an net codéierten Ausdréck) sinn an
- an enger vun de folgende Sproochen ausgestallt sinn: Englesch, Franséisch oder Däitsch.

D'Käschte fir medezinesch Servicer a Spidoldéngschtleeschtunge kënne vun engem Land an dat anert ganz ënnerschiddlech sinn a souguer däitlech méi héich ausfale wéi zu Lëtzebuerg. Et kann also en Ënnerscheed ginn tëscht den tatsächleche Käschten an dem Remboursement vun der CNS - dëst zu Nodeel vun de Versécherten. Wann ee sech an engem vun dëse Länner ophält, ass et dofir vu Virdeel, sech zousätzlech ze versécheren.

Natierlech ass et och hei vu Virdeel, sech och op der Plaz selwer bei de Sozialversécherungsorganisatiounen iwwer de Fonctionnement vum Gesondheetssystem oder d'Fleegekäschten ze informéieren.

**ACEL**
de Studentevertrieder

**» Weider Informatiounen:**

**Hues du net dat fonnt wat's du gesicht hues?**
Kee Problem! Schreif eis einfach eng Mail a mir kucken dir sou séier wéi méiglech op deng Fro ze äntweren oder dech un déi richteg Persoun weider ze leeden.

contact@acel.lu

www.acel.lu

*Seuls les textes légaux font foi (Mémorial A, Code du Travail). Les informations contenues dans la présente publication ne préjudicient en aucun cas à une interprétation et application des textes légaux par les administrations étatiques ou les juridictions compétentes.*

*Le plus grand soin a été apporté à la rédaction de cette brochure. L'éditeur ou l'auteur ne peuvent être tenus responsables d'éventuelles omissions ou erreurs dans le présent ouvrage ou de toute conséquence découlant de l'utilisation des informations contenues dans la présente publication.*







Avec **axxess STUDY,** vous profitez de cartes de crédit, d'une carte de débit axxess valable partout en Europe, de solutions de financement pour vos études et de multiples autres avantages.
Pour garder votre look et faire de votre parcours une réussite.
Pour les jeunes de **18 à 30 ans** : conditions et infos sur **axxess.lu**

axxess STUDY
100 % JEUNE. 100 % VOUS.

SPUERKEESS